5.10.2016 Ee vun eisen Zieler schéint sech ze realiséieren: Lëtzebuergesch soll als EU-Sprooch unerkannt ginn

Mir begréissen d'Ausso vum Här Meisch fir Lëtzebuergesch als EU-Sprooch unerkennen ze loossen.

Doduerch kéint ee vun de Punkten, déi mer an eisen Zieler opzielen, realiséiert ginn.

Ziel 2.2.: "D'Lëtzebuerger Sprooch soll op EU Niveau unerkannt ginn."

All eis Zieler: http://nee2015.lu/index.php/wee-2050.html

Dëst wier en wichtegen symboleschen Schrëtt fir eist Land an eis Sprooch.

Mir wëllen awer och soen dass et ganz wichteg ass dass d'Lëtzebuerger Sprooch erëm méi präsent am Alldag gëtt, well nëmmen sou kënnen eis auslännesch Matbierger se och léieren.

Fir d'Lëtzebuerger Sprooch an fir d'Méisproochegkeet!